

déi Leit, déi do schaffen, ob et Zuchbeglee-der sinn, ob et Mécanicienen, Chauffeuren oder wat ëmmer sinn, dass mer mat alle Méiglechkeeten, déi mer hunn, hannert hinne musse stoen, fir dass se kënnen an uerdentleche Konditiounen, ouni brauchen Angscht ze hunn, hir Aarbecht verriichten.

Gläichzäiteg ass natierlech besonnesch a Krisenzäiten, déi mer kennen, Augmentatioun vu Chômage, och ze soen, dass mer gläichzäiteg och eng Politik am breede Sënn musse maachen, fir sozial Ausgrenzungen ze verhënneren. An do, mengen ech, dat muss een hei de Mëtteg soen, ass den öffentliche Transport weder schëlleg un all deene Problemer, déi mer dobausse kennen an der Gesellschaft, nach ass en outilléiert fir dorobber, op all déi Froen, am Horizontal gekuckt, eng Äntwert kënnen ze ginn.

Do ass d'Famill gefuerdert, do ass d'Schoul gefuerdert. Do sinn, mengen ech, ganz vill Acteure gefuerdert, a virun allem ass gefuerdert, och am soziale Beräich, eng Politik, déi verhënnert, dass et Isolatioun gëtt, an dass et Leit gëtt, déi wierklech ganz grouss Problemer mat ronderëmschleefen a sech dann op eng Aart a Weis austoben, déi net akzeptabel ass, a wou dëst Gesetz a sengem Mooss och Méiglechkeete gëtt, Moyené gëtt, fir dorobber kënnen ze äntwerten. Och wann ee weess - an ech mengen, dat ass bal vun all Riedner gesot ginn -, dass och esou e Gesetz, och Paragraphe mat Sécherheet net wäerte wéi e Coup de baguette magique all Problemer aus de Féiss bréngen. Dofir, mengen ech, ass vill méi néideg.

Ech wëll och nach ee Punkt soen, fir op déi lescht Joren zrëckzekucken. Wa mer an e puer Woche wäerten déi nei Kontrakter ënnerschreiwe mat der Eisebunn als Stat fir e Contrat de service public fir déi nächst Joren, da mengen ech, dass ee vun de wichtige Punkte wäert dee sinn, och festzesstellen, dass déi Politik, déi mer gemeint hunn déi richteg ze sinn, fir iwwerall d'Personal vun de Garen a vun de Quaien an aus den Zich éischter zrëckzezéien an eng Eisebunn oder iwwerhaapt en öffentliche Transport dohinnerzeustellen, dee kee Gesiicht huet, definitiv net déi richteg Politik war.

Ech mengen, dass et an deenen neie Kontrakter noutwendeg ass, dass mer net nëmme mussen déi grouss infrastrukturell Investitioue kucken, mä dass mer och eng grouss Suerg an deenen nächste Jore musse ginn, ech géif bal soen, der Feinmotorik, andeem mer derfir suergen, dass an de Garen, op de Quaien et Leit gëtt, déi net nëmme dofir do si fir Billjeeën ze kontrolléieren oder fir Recht an Uerdnung ze suergen, mä déi einfach och Service-Provider, wéi dat haut op Lëtzebuergesch heescht, sinn, fir de Leit ze hëllefen, d'Leit ze informéieren, ze beroden, hinnen e Gefill vu Sécherheet ze ginn.

Ech mengen, dat sinn déi beschte Kameraen. Kamerae si vläicht noutwendeg, an dat maache mer jo och op der Eisebunn, souwuel an den Zich wéi op de Quaien. Mä déi beschte Kamerae sinn déi Leit, déi dorëmmer präsent sinn an déi kënnen hëllefen d'Attraktivitéit och nach ze verbessern. Et ass jiddefalls, mengen ech, dee Wee, dee mer musse maachen.

Ech wëll zum Schluss just nach soen, dass mer an der Fro vun de Verbueten haut déi Méiglechkeet jo schonn hunn, fir een aus dem öffentliche Transport - wéi soll ech soen - erauszekomplimentéieren duerch en offizielle Verbuet. Ech wëll soen, dass ech an dëser Legislaturperiod Gott sei Dank nëmme eng Kéier vun där Méiglechkeet Gebrauch gemaach hunn. Mä déi Méiglechkeet brauch een. Wann hannendru keng Sanktioun besteet, da sinn déi Leit um Terrain och relativ schlecht drun. Wa se net mat enger gewëssener Autoritéit, och mat der Autoritéit vun der Sanktioun kënnen optrieden, dann hëlleft dat net ganz vill.

Zweetens wëll ech soen, ech hat et schonn ugedeit: Mir praktizéieren op der Eisebunn natierlech och d'Iwwerwachungskameraen an den Zich an och dobaussen. Dat huet iwwregens dozou gefouert, dass bei deem ganz schlëmmen an dramateschen Incident, dee mer op der Héicht vun Hollerech haten - bei deem Ugrëff vun enger Persoun am Zuch mat Feier -, zwar den Incident net verhënnert ginn ass, leider Gottes, mä dass awer d'Kamerae weinstens derfir gesuergt hunn, dass d'Enquête relativ einfach war, well déi Biller och ganz genau retracéiert hunn, wat am Zuch geschitt ass. Mir hunn natierlech derfir gesuergt, och op der Eisebunn, dass déi Kamerae mat allen Autorisatiounen, wéi se vu staatlecher Säit gefuerdert sinn, och ausgericht sinn.

Zu dem leschte Punkt, déi Bemierkung vum Här Jaerling, wëll ech soen, dass d'Eisebunn grouss Effortë mécht bei der Ponctua-

litéit. Ech wäert him déi lescht Zuele ginn, well mir loossen eis nämlech do vun enger onofhängeger Institutioun kontrolléieren a mir kréien och periodesch doriwwer eng Zensur ausgestallt. Déi Zensur gesäit am Verglach - dat ass net onbedéngt gesot, dass mer dann nach ganz gutt sinn -, mä am Verglach zu deenen aneren Opérateuren an den Nopeschlänner sti mer do mat engem héijen Undeel vun Zich, déi pünktlech fueren. Mä, wéi gesot, et muss den Usproch sinn, fir all Dag derfir ze suergen.

Et féiert natierlech dozou, dass - wann ee kuckt an deene leschte Joren, wéi vill Zich a wéi vill Takt derbäikomm sinn, wéi vill och um Niveau vu Fracht derbäikomm ass bei der CFL-Cargo - mer en Netz hunn, wat vu Joer zu Joer méi belaascht ass a wat deementsprechend natierlech och bei deem klegsten Incident dozou féiert, dass hannendrun eng Kettereaktioun dozou féiert, dass mer Onpünktlechkeete kréien. Dat muss ee verhënneren.

Virun allem probéiere mer mat deem Gesetz hei e Stéck vu Sécherheet an den öffentliche Transport eranzekréien. De Roland Schreiner huet am Ufank zu Recht gesot - ech mengen, domat soll een och ophalen -, den Usagere solle mer soen, dass den öffentliche Transport sécher ass an dass se roueg an a Rou kënnen dov u Gebrauch maachen. D'Tatsaach - den Här Gybérien huet et ugedeit gehat -, dass mer an deene leschte véier Joer jo d'Zuel vun den Usagere ëm 20% an d'Luucht gesat hunn, weist, dass dat Vertrauen och do ass, an dorunner solle mer schaffen.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen elo zum Vote vun dësem Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Déi perséinlech Stëmme fir d'éischt. Et feelt nach ee Vote. D'Ofstëmmen ass ofgeschloss. De Projet de loi 5710 ass eestëmmeg mat 59 Jo-Stëmmen uge-

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul (par Mme Christine Doerner), MM. Marcel Glesener (par M. Marcel Oberweis), Norbert Hauptert (par M. Lucien Thiel), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Martine Stein-Mergen), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par Mme Claudia Dall'Agnol), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira (par M. Henri Kox), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum Projet de loi iwwert de SIGRE. De Rapporteur ass hei den honorablen Här Negri. Ageschriwwen sinn: den Här Clement, den Här Wagner, den Här Kox an den Här Meh-

www.chd.lu



9. 5933 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux d'agrandissement et d'assainissement de la décharge pour déchets ménagers et assimilés et des ouvrages techniques annexes du SIGRE

Rapport de la Commission de l'Environnement

» **M. Roger Negri** (*LSAP*), *rapporteur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, SIGRE steet fir Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets ménagers, encombrants et assimilés en provenance des communes de la région de Grevenmacher, Remich et Echternach. De SIGRE verschafft also den Haushaltsmüll, de Sperrmüll an ähnleche Müll vu 25 Gemengen aus dem Oste vum Land op der Décharge am sougenannte Muertendall, direkt niewent der Autobunn vun der Stad Lëtzebuerg op Waaserbëleg, un der Sortie Fluessweller, a läit op dem gemeinsamen Terrain vun de Gemenge Betzder a Gréiwemaacher.

Den Objet vum Gesetz vun haut ass, dem Offallsyndikat SIGRE 9.207.607 Euro staatlech Subsiden aus dem Fonds pour la protection de l'environnement zoukommen ze loossen. De Moment brauche mer nach ab engem Montant vu méi wéi 7,5 Milliounen Euro e Gesetz, fir Statsgelder ze dépenséieren. Ab der nächster Woch wäert dëse Montant jo op 40 Milliounen an d'Luucht goen, wa mer dat entspreichend Gesetz behandel-

len. Här President, éier ech op den Detail vum Projet de loi vun haut iwwert de SIGRE ze schwätze kommen, wëll ech fir d'éischt op déi allgemeng Hausmüll/Offall-Situatioun hei zu Lëtzebuerg agoen. D'Gestioun vum Haushaltsmüll ass am Gesetz vum 17. Juni 1994 geregelt. D'Haaptobjektiver sinn: éischstens, d'Preventioun an d'Reduktioun vu Müll, zweetens, d'Valorisierung vu Müll duerch Recycling, an drëttens, d'Eliminatioun vun deem Müll, deen net méi ka valoriséiert ginn.

Dëse leschten drëtte Punkt vun der Eliminatioun vum Reschthausmüll geschitt hei zu Lëtzebuerg an dräi interkommunale Syndikater: éischstens d'SIDOR-Verbrennungsanlag zu Leideleng, zweetens de SIDEC, en interkommunale Syndikat vu 55 Gemengen aus der Region Dikrech, Ettelbréck a Colmar-Bierg mat der Décharge um Fridhaff bei Dikrech, an drëttens dann de SIGRE.

Den neie SIDOR-Projet de loi hate mer jo den 30. Abrëll 2008 hei an der Chamber gestëmmt.

De SIDEC fonctionnéiert mat enger mechanescher Virbehandlung, a seng maximal Exploitatioun ka bis zum Joer 2020 goen. Hei gëtt, zesumme mam Ëmweltminister, no aneren Eliminatiounsméiglechkeete gesicht. Ervirsträiche wëll ech déi gutt Zesummenaarbecht ënnert deenen dräi Syndikater, déi sech géigesäiteg hëllefe bei Enkpäss.

Här President, den Offallsyndikat SIGRE am Muertendall ass den 28. Februar 1974 iwwer en Arrêté grand-ducal instituéiert ginn an ass den 1. Januar 1979 a Betrib gaan. De SIGRE sammelt hautdësdags de Müll vu 25 Gemengen am Oste vum Land. Dat sinn: Bech, Bærdref, Betzder, Biwer, Bus, Biermereng, Konsdref, Duelem, Iechternach, Fluessweller, Gréiwemaacher, Jonglënster, Lellgen, Manternach, Mäertert, Mompech, Mondorf, Réimech, Rouspert, Schengen, Stadbriedemes, Waldbëlleg, Waldbriedemes, Wellesteen a Wuermeldeng.

D'Décharge vum Muertendall ass vun 1979 bis 1991 vum SIGRE-Syndikat géréiert an exploitéiert ginn. Den Offall ass um natierleche Buedem ofgelagert ginn, nodeems dass den Terrain ofgeholzt gi war an de gudde Buedem décapéiert gouf.

Et gëtt estiméiert, dass bis 1991 350.000 m³ Hausmüll, Sperrmüll an Déchet-inerten um SIGRE deponéiert goufen. Am Dezember 1991 ass et zu engem Brand op der Deponie Muertendall komm, an d'Gemeng Betzder huet d'Deponie zoumaache gelooss. 1992 ass de Betrib erëm deemools deelweis opgehol ginn. Tëschent 1992 an 2003 sinn am Ganzen 289.808 Tonne Müll um SIGRE deponéiert ginn.

De SIGRE huet hautdësdags eng maximal Opnahmecapacitéit u Müll vu 40.000 Tonne pro Joer opgrond vu sengen technesche Méiglechkeeten. Opgrond vu Berechnunge vum respektiven Ingenieursbüro läit de Gesamtvolumen, deen nach um SIGRE an Zukunft deponéiert ka ginn, bei 1.201.000 m³.

Wann een dervun ausgeet, dass 25.000 Tonnen Offall an Zukunft an der Moyenne pro Joer ufalen, da kënn een nom Bureau d'études, deen eng Moyenne vu 26.100 Tonne pro Joer estiméiert huet, op weider 46 Joer Exploitatiounsjoren.

Wann een des Weideren dervun ausgeet, dass an Zukunft nach méi recycléiert ka ginn an domat manner Offall ze traitéieren ass, da kann een de Moment vun enger prévisibler Exploitatiounszäit am Muertendall vun nach méi wéi 50 Joer, also bis zum Joer 2060 ausgoen. Dat ass nach ganz laang, an domat ass et vu grousser Importenz, dass elo déi richteg technesch an administrativ Mesurë geholl ginn, fir dass dës Perspektiv och esou kann agehale ginn.

De Site Muertendall huet eng Gesamtfäch vu 14,05 ha, wouvun 11,10 ha fir déi direkt Offalloflagerung zur Verfügung stinn. D'Décharge ass opgebaut op enger Basisofdichtungsmass, kombinéiert mat engem separate Kollektorfwaassersystem fir Schmutzwaasser a Reewaasser.

D'Décharge ass ausserdeem mat Gascap-teuren équipéiert, fir de Gas, dee sech duerch de Stockage iwwerenee vum Offall bilt, ze récupérieren. Hei ass säit Ufank 2009 e BHKW, e Blockheizkraaftwierk a Betrib, dat et erlaabt, de récupérierete Gas a Stroum an Hëtzt ëmzesetzen an domat d'Bürosgebaier vum SIGRE ze hëtzen.

Här President, déi technesch Basisplanifikatioun vun der Décharge um SIGRE huet am Joer 1993 dräi Bauphasë virgesinn, déi folgend waren:

Éischstens, fir d'éischt soll eng Buedem-digue gebaut ginn, fir d'Décharge ze begrenzen. Déi fréier Décharge gëtt relogéiert an d'Assise vun der neier Décharge reprofiléiert an ofgedicht. Des Weidere soll d'Receptioun vun de Camionen an den Transbordement fir d'Ofuede vum Material op déi heiteg Plaz kommen. Entspreichend administrativ Gebailechkeete sollen och gebaut ginn.

Zweetens, de SIGRE gëtt duerno an zwou Etappen erweidert, wouzou dee ganze Rescht vum Müll vun der aler Anlag fachgerecht matverschafft gëtt. Hei ass als Sousbassement eng zwee Meter déck Couche aus prétraitéiertem a gemuelenem Offall als Ofdichtung virgesi ginn.

Drëttens, eng drëtt Erweiderungsphas begräift ënner anerem de Bau vun engem Drainageréseau, déi entspreichend Ofdichtungstechniken an de Bau vu Verbindungsweeër.

Den Transbordement vun de Camionen déngt derzou, d'Camionen alleguer ze entlueden a sämtlech Materialien ze triéieren. Domat kënn och kee Camion méi direkt op d'Décharge, wou een net ëmmer weess, wat e gelueden huet. D'Transbordementsanlag ass am Joer 2001 a Betrib geholl ginn.

Dat knaschtegt Sammelwaasser vun der Décharge leeft an eng speziell Perkolatiounsklär-anlag, déi am Joer 2005 a Betrib geholl ginn ass. D'Reewaasser, wou een dervun ausgeet, dass et verschmotzt ass, leeft an d'Kanalisation vum Potaaschbiereg Richtung Gréiwemaacher. Dat net verschmotzte Reewaasser gëtt an d'Groussbëschbaach ofgeleet.

De SIGRE huet och eng Statioun, fir d'Kolekt vu recycléierbare Stoffen unzehuelen, wéi Bëtonsoffäll, Grünschnitt, verschidden Hëlzer, Schrott, Kartong a Pabeier, Glas, al Pneuen an esou weider. Säit 2007 ginn och d'Déchete vun der SuperDrecksKëscht agesammelt.

Um SIGRE fonctionnéiert och säit 2005 eng Kompostéierungsanlag, wou de Grünschnitt op enger Fläch vu 5.300 m² opbereet gëtt. Nachholbedarf besteet awer beim Asammele vum biodégradabelen Hausmüll, wou nach keng Strukture bestinn. Dëst muss kuerzfristeg nogeholl ginn. Well dat, wat bei anere Kompostéierungsanlagen hei am Land fonctionnéiert, muss och beim SIGRE kënnen organiséiert ginn.

A fir voll éligibel ze sinn, fir Subsiden ze kréien aus dem Fonds de la protection de l'environnement gehéiert d'Asammele vum Hausmüll dozou. Mir ginn dervun aus, dass dee Message och ëmgesat gëtt.

Här President, elo zu de Käschten. De Gesamtpräis vun den elo grad beschriwwenen techneschen Anlage beleeft sech op 36.830.482,82 Euro. Dobäi muss een ënnerscheeden zwëschent den Aarbechten, déi scho virun dem Dépôt vum Projet de loi vun haut, also vun 1993 bis 2007 realiséiert gi sinn, déi sech op 29.939.265,99 Euro belafen, mat dem Ariichte vun der Décharge, der Kläranlag an esou weider.

Derbäi kommen dann déi méi aktuell Aarbechte vun 2008 an déi bis 2010 solle realiséiert ginn. Dat sinn déi lescht ugesprachen Extensioun an Installatioun fir d'Valorisatioun vum Gas mat Blockheizkraaftwierk, fir Stroum an Hëtzt ze produzéieren. Dës rezent Käschte belafe sech op 6.891.162,83 Euro.

Am Prinzip subsidiéiert de Stat esou d'Ëmweltprojete mat 25% aus dem Fonds pour la protection de l'environnement nom Gesetz vum 31. Mee 1999. D'Viraussetzung ass alldéngs, dass dës Käschte virun den Aarbechte vum Ëmweltminister genehmegt gi sinn. Obschonn dat net de Fall ass fir d'Aarbechten tëschent 1993 an 2007, esou bestinn awer étofféiert Tracen iwwert d'Reichtegkeet vun dëse Fraisen.

Och eng entsprechend Proposition de loi gouf den 20. Abrëll 1999 vum Kolleg Carlo Wagner deponéiert, déi awer den 20. Juni 2000 vun der Chamber erëm zrëckgezu gouf.

(Interruption)

Dësen Dossier huet scho fir vill kontrovers Diskussiounen gesuergt. Dofir huet d'Ëmweltkommissioun vun der Chamber déi gutt a sachlech Proposition vum Statsrot iwwert de Wee vun engem Amendement ugeholl, an zwar dee ganzen Invest vun 1993 bis 2010 mat 25% trotzdeem ze subsidiéieren, an zwar en dérogation zum Artikel 5, de Paragraphen 2 an 9 nom Gesetz vum 31. Mee 1999. De Gesamtmontant vum Statssubsid vu 25% beleeft sech domat op 9.207.607 Euro.

Heimat géif ech all implizéiert Acteuren, déi vu fréier a vun haut, bieden, an aller Sachlechkeet déi nei Erausforderunge fir d'Zukunft vum SIGRE unzegoen am Sënn vun enger nohalteger Offallpolitik.

Domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soenlech Merci fir d'Nolauschteren.

» Une voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Rapporteur. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Lucien Clement.

Discussion générale

» M. Lucien Clement (CSV). - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dann awer och dem Rapporteur, dem Här Roger Negri, Merci soe fir säi schréftleche wéi och mündleche Rapport, deen en hei ofgeliiwwert huet. Obwuel ech dann awer net Member an där Kommissioun sinn, wëll ech dach awer soen, datt ech als Kommunalpolitiker elo säit 22 Joer, sief dat als Schäffen oder als Conseiller, mat der Deponie Muertendall ze dinn hunn. Dat wollt ech eigentlech nëmme soen zur Informatioun, well normalerweis jo déi Leit schwätzen, déi an enger Kommissioun dra sinn.

Här President, et kënnt net esou dacks vir, datt mer hei an der Chamber iwwer e Sujet schwätzen, deen eis zwar alleguerten an eise-m Alldag betrëfft, iwwert dee sech déi Meesch awer wuel relativ wéineg Kappzerbrieches dobause maachen. Wie schwätzt scho gären iwwer Investitiounen, déi op engem Dreckstipp solle gemaach ginn? Wie schwätzt iwwerhaapt gären iwwer Dreck? A wie schwätzt iwwerhaapt gären iwwer Knascht? An dach gehéiert awer béides zu eise-m Liewen, well eben de Mënsch all Dag Produiten, déi en net méi wëllt oder déi en net méi ka gebrauchen, ewechgehäit oder wëllt lassginn.

An enger Welt vun iwwer sechs Milliarde Mënsche kommen do all eenzelnen Dag onvirstellbar grouss Quantitéite vun Dreck zesummen. Iwwerduerchschnëttlech vill Offall produzéieren dobäi virun allem déi sougenannten industrialiséiert Länner, déi am Verglach zu net esou wirtschaftlech staark entwéckelte Länner mat vill méi Awunner,

mä och vill manner Wuelstand, onmoosseg vill méi Dreck produzéieren.

Och Lëtzebuerg ass do sécherlech keng Ausnahm, an dach huet sech awer am Laf vun de leschte Jorzéngten an dësem Dossier viles gedoen. Et ass schonns e gewësene Mentalitéitswiessel bei de Leit ze beobachten. Am Géigesaz zu fréier geheien ëmmer méi Leit net einfach ouni sech grouss Gedanken driwwer ze maachen hiren Dreck an d'Poubelle a produzéieren duerno ongehemmt weider Offall.

Ëmmer méi Leit ass et net egal, wat si ewechgeheien a wat duerno mat hirem Dreck geschitt, well se sech awer mëttlerweil bewosst sinn, datt enorm Quantitéite vun Dreck souwuel fir de Mënsch wéi och fir seng Ëmwelt eng grouss Belaaschtung duerstellen. Dofir versichen der vill, fir manner Dreck ze maache respektiv hiren Offall ze recycléieren. Dëse Mentalitéitswiessel ass zum groussen Deel d'Resultat vun enger voluntaristescher Politik, déi vum Stat a besonnesch awer vun de Gemengen am Beräich vun der Ëmwelt an der Offallwirtschaft am Laf vun deene leschte Jorzéngten da gemaach ginn ass.

Esou këmmere sech hei am Land net manner wéi néng interkommunal Gemengesyndikater ëm d'Gestioun vum Dreck, deen all Dag da produzéiert gëtt. Dobäi fonctionnéiere si no der Grundphilosophie vun der Offallwirtschaft, déi 1994 gesetzlech verankert ginn ass an aus folgende Prinzipien dann och besteet: Preventioun, Reduktioun, Valorisation an Entsuegung vun all méiglechem Offall.

Als Éischt sinn deemno Effortë gemaach ginn, fir esou vill wéi méiglech Offall dann och ze vermeiden. Doduerjer ass d'Quantitéit vum Offall schonn emol an enger éischter Phas erofgaangen. Den Offall, deen nach iwwreg bleift an net ze vermeiden ass, gëtt entweder, souwäit et nëmme méiglech ass, recycléiert an nees brauchbar gemaach oder respektiv zerstiéiert an definitiv dann och entsuergt.

D'Entsuegung vum Offall geschitt hei zu Lëtzebuerg duerch dräi grouss Anlagen, vun deenen d'Deponie Muertendall, ëm déi et bei deem virleiende Gesetzesprojet geet, eng dervun ass. Dës Deponie gëtt vum Gemengesyndikat SIGRE bedriwwen, deen déi 25 Gemengen aus den Ostkantone vereent. Et ass also d'Entsuegungsanlag vum a fir den Oste vum Land. De SIGRE - an de Rapporteur huet dat scho gesot - steet deemno fir Syndicat intercommunal vun de Kantone Gréiwemaacher, Réimech an lechternach.

Op dem Site vun der Deponie Muertendall goufen 2007 vum SIGRE en Total vu 26.400 Tonnen Offall gëréiert respektiv och entsuergt. Ronn 22.000 Tonne kommen dervunner awer nëmme vum SIGRE-Territoire. De Rescht staamt aus intersyndikaler Zesummenaarbecht.

De Site Muertendall ass säit Januar 1979 a Betrib, während de SIGRE selwer als Syndikat schonns 1974 gegrënnt ginn ass. Deemools gouf festgehalen, dass op där neier Zentraldeponie net méi wéi 300.000 m³ Offall dierfte gelagert ginn. Dat heescht, si war am Prinzip gutt fir zéng Joer.

Tëscht 1981 an 1991 sinn awer am Ganzen 350.000 m³ um Dreckstipp Muertendall zesummekomm, wat derzou gefouert huet, datt d'Deponie vum Betzder Schäfferot, op deem sengem Terrain de Site zum gréissten Deel läit, zougemaach ginn ass. Ausserdeem war et am Dezember 1991 zu engem Brand op der Deponie komm; wat alldéngs net d'Hauptursach war, firwat de Site zougemaach gouf, wéi et ëmmer nees dorëmmer behaupt ginn ass. En ass zougemaach ginn, well déi autoriséiert Gesamtcapacitéit wäit iwwerschrott ginn ass.

Här President, Dir Dammen, Dir Hären, eng sëllege vun lech erënnere sech wuel genee, grad wéi ech selwer, nach ganz gutt un déi grouss Diskussiounen iwwert d'Zukunft vun der Deponie Muertendall, déi no dem Zoumaache vun der Anlag dann entstane sinn. Esou gouf deemools vu verschiddene Säite gefuerdert, datt d'Deponie definitiv sollt zougemaach ginn, well sech déi Verantwortlech vum SIGRE net un déi deemoleg Gesetzgebung gehalten hätten an am Muertendall geféierlech Produité gelagert hätten.

Déi Responsabel vum SIGRE hu sech deemools resolut géint dës Virwërf gewiert. A fir en Émbau a fir en Ausbau vun der Deponie hu si sech dann och staarkgemaach. D'Deponie Muertendall ass dann och den 3. Mee 1993 nees als Tëschelager a mat proviso-reschen Installatiounen opgemaach ginn.

Do virdrun, am Januar 1992, hat de SIGRE bei engem anere Gemengesyndikat, dee sech ëm d'Lagerung an d'Entsuegung vun Offall këmmert, dem SİDEC, eng Demande

gemaach, fir an der Nout de SIGRE-Sperrmüll ofgeholl ze kréien, soulaang déi nei Anlag net proviso-resch a Betrib geholl ka ginn.

Ech gesinn, den Här Bodry laacht. Dee weess dat nach.

Direkt 14 Deeg no der Demande vum SIGRE, fir temporär gehollef ze kréien, huet de SİDEC mat engem Refus op dës Demande geäntwert.

Am März 1993 huet de SIGRE dunn nach eemol eng Demande un de SİDEC gericht, fir vun hinne gehollef ze kréien, souguer mat der Offer, déi ugeliwwert Mengen an zwee bis dräi Joer erëm zrëckzehuelen. Mä och do krute si e kategoresche Refus vun de Verantwortleche vum SİDEC.

An der Tëschenzäit haten déi Verantwortlech vum SIGRE dann décidéiert, d'Deponie Muertendall awer ganz ze sanéieren an och ze erweideren. Dee Projet hu si am Dezember 1993 bei der Verwaltung agereecht. Gläichzäiteg hate se e regionaalt Offallwirtschaftskonzept ausgeschafft, dat vun den zoustännge Ministären an Administratiounen dann och akzeptéiert gouf.

Dëst neit Konzept huet niewent der Sanéierung an der Erweiderung vun der Deponie Muertendall eng ganz Rei Offallvermeidungsmesurë wéi eng besser Trennung a Sortéierung vum Sperrmüll, eng getrennten Usammlung vu Pabeier, Glas an ale Kleeder duerch d'Opstelle vu Containeren an de Gemengen, d'Schafung vun enger neier Kompostanlag an de Bau vun engem Recyclinghaff virgesinn.

Den Ausbau an déi 100%eg Sanéierung selwer ass zanter 1993 an e puer Etappe geschitt. Esou gouf d'Capacitéit vun der Deponie eropgesat, eng Ëmluedungsplaz gouf agericht, de Buedem an den Ënnergrond vun der Deponie ofgedicht an eng proviso-resch Anlag fir d'Opfäknung an d'Reckvereenegung vum Sickerwaasser gebaut. Deneiwent koumen nach Gebaier fir d'Administratioun an d'techesch Installatiounen derbäi.

Duerch all dës Investitiounen, Transformationen an Erweiderungen huet sech d'Deponie Muertendall am Laf vun de leschte Joren zu enger moderner Deponie entwéckelt, déi alle gesetzlechen Oplagen dann och entsprécht. Et ass dat gréissten Ëmweltbauwierk, wat bis elo am Oste vum Land geschafe gouf.

Bis dato hunn all déi Investitiounen ronn 30 Milliounen Euro kascht. Déi Responsabel vum SIGRE gi sech awer net mat där Streck, déi si bis elo gemaach hunn, zefridden. Esou wéi d'Konzept dat virgesäit, gëtt d'Anlag jee no dem Bedarf a weideren Etappen ausgebaut an och verbessert. Esou ass eng Vergréisserung vun der Deponie vun Haushaltsoffall oder assimiliéiertem Haushaltsoffall, eng Erweiderung vun der Kläranlag an de Bau vun enger Anlag fir d'Opfänken an d'Valorisation vun den Offallgase geplangt.

(Mme Colette Flesch prend la Présidence)

Dat Ganzt géif da ronn 6,9 Milliounen Euro kaschten an d'Capacitéit vun der Deponie op 1.201.000 m³ eropsetzen, wat fir déi nächst 46 Joer - de Rapporteur huet gesot: déi nächst 50 Joer; ech si gär mat em d'accord - dann och géif duergoen.

Ze soe wär nach, datt vun deene 14,05 Hektar, déi de Site Muertendall haut grouss ass, dee gréissten Deel, nämlech 9,3 Hektar, op dem Terrain vun der Gemeng Betzder leien. Dofir och der Gemeng Betzder an all deenen anere concernéierte Gemengen e grouse Merci, well si stellen hei en Terrain gratis zur Verfügung, kréien och keng Recettë fir deen Terrain, an dat zum Wuel vun all deenen anere Gemengen aus dem Osten a selbstverständlech och fir déi Leit, déi am Oste wunnen.

Kuerz awer nach e bëssen zum Enstoe vun der Deponie selwer. Nodeems de ganze Projet vun deemolegen Député-maire vu Greiwemaacher, dem Här Jean-Pierre Urwald, op d'Schinn gesat gouf, war et och hien, deen 1974 deen éischte President vum Syndikat gouf. Dat alldéngs nëmme fir zwee Joer, bis 1976, wou en du vum Roger Lenert ofgeléist gouf. De Roger Lenert, dee mat vill Geschéck, mat vill Engagement dunn och 30 Joer, bis 2006, un der Spëtzt vum SIGRE stoung.

Hie war keen Einfachen, mä ech denken awer, hie war all Zäit en dach fairen Diskussionspartner, wann et ëm d'Diskussiounen iwwert d'Deponie oder d'Offallwirtschaft giong oder wann et - besser gesot, ënner Gänseféisercher -, ëm „seng Deponie“ giong. Ech denken, dat kënnen all déi Leit bezeien, déi an dësem Dossier mat him ze

doen haten, egal ob dat Ministeren, Beamten, Buergermeeschteren, Schäffen oder Conseillere vun deene jeeweilege Gemenge waren, datt dat deem entsprécht.

Ëmmer erëm hu sech dann awer Leit vu baussen zu Wuert gemellt a wollten d'Deponie u sech schlechtrieden oder d'Gestioun an d'Konzept vun der Deponie bemängelen an a Fro stellen. Et soll souguer Leit gi sinn, déi zur Zäit vum groussen Deponiebrand 1991 net onfrou doriwwer waren a sech an hiren Theorien dann och bestätegt gefillt hunn. Theorien, déi eng schlecht Gestioun an e mangelhaaft Konzept sollte bestätegen. Schlagzeile wéi „SIGRE-Milliounen an e Faass ouni Buedem“, en Diskussionsowend zu Fluessweller mat der Iwwerschrëft „Brand auf der Müllkippe in Flaxweiler“ waren esou au fur et à mesure op der Dagesuerdung. Dat war déi Zäit, wou dës Leit nach selwer un e Konzept ouni Deponie gegleeft hunn a gemengt hunn, datt dat esou eleng mat Preventioun, Reduktioun a Valorisation fonctionnéiere kéint oder géif.

Dat, Här President, ass natierlech, soen ech och, eng luewenswäert Approche gewiescht. Mä et ass bis haut net Realitéit ginn an deemno beim Wonschdenken och bliwwen. Déi Leit, déi zu deem Zäitpunkt sech dofir breetgemaach hunn, sinn haut zu engem groussen Deel net méi do, an hiert Konzept huet sech bis haut, esou erstrebenswäert et och ass, an der Praxis als net realisable erweisen. Mä dat géllt net nëmme fir de SIGRE, dat géllt och fir déi aner Syndikater. Et huet laang gedauert, bis de SIGRE zu deem ginn ass, wat en haut ass. Ze vill laang, géif ech soen.

Ech wëll hei mat Sécherheet dofir kengem d'Schold zouweisen a si souwuel als Kommunalpolitiker wéi och als Ostdeputéierten hei am Parlament frou, datt de SIGRE elo op engem ganz héijen Niveau ukomm ass, wat d'Offallgestioun ugeet, an dat als europäesch Modelldeponie.

» Une voix. - Très bien!

» M. Lucien Clement (CSV). - Ech soen all deene Verantwortlechen, vum Jemp Urwald un iwwert de Roger Lenert bis zu deem heitege President, dem Här Lamy, mat hire jeeweilege Comitéë Merci, datt et dozou komm ass. Net ze vergiessen och déi jeeweileg Ressortministere mat hire Beamten. Ende gut, alles gut. All dat villt Schaffen, all negativ an all positiv Kritik hu gewëssermoossen zum Gelänge vun dësem grouse Projet awer bäigedroen.

Duerfir hunn ech hei nach eng Ausso vun 2003 vun der deemoleger Députée-maire Maggy Nagel vu Mondorf, an dat op der Journée des bourgmestres zu Mondorf. Si huet gesot: „Am Bezierk Osten hunn ech festgestallt, datt do nach vill wäiss Plazen op där Kaart sinn. Et gëtt anscheinend esou diskret do recycléiert, datt dat bis haut nach keen an der Stad gemierkt huet.“

Här President, de virleiende Gesetzesprojet betrëfft awer net nëmme d'Bedelegung vum Stat un der Finanzéierung vu Projeten, déi fir déi nächsten zwee Joer um Site Muertendall virgesi sinn, mä och fir déi Projeten, déi tëschent 1993 an 2007 realiséiert goufen. De virleiende Gesetzesprojet soll et dem Stat deemno erméiglechen, fir sech un all Investissementer ze bedeelegen, déi op der Deponie Muertendall bis elo gemaach gi si respektiv a kuerzer Zäit nach wäerten do realiséiert ginn.

Laut dem Gesetz vun 1999 iwwert d'Schafung vun dem Ëmweltschutzfond kann de Stat bis 25% vun deem globalen Investissemement iwwerhuelen. Am Fall vun der Deponie Muertendall wieren dat 9.207.607,21 Euro, vun am Ganze 36.830.000 an e puer Zerquëschterener. Well déi staatlech Bedeelegung iwwer 7,5 Milliounen Euro läit, musse mer duerfir als Chamber haut eisen Accord ginn och net ginn.

Ech perséinlech kann dësem Projet nëmme zustëmmen, well en ass net nëmme fir den Oste vum Land wichteg, mä wäit doriwwer eraus, an dat wäert d'Zukunft weisen. De SIGRE huet nämlech an de leschte Joren eng Virreideroll am Beräich vun der Offallwirtschaft iwwerholl. Esou sief just dorun erënnert, datt de SIGRE bis dato dat eenzeg Offallgestiounssyndikat ass, dat e regionaalt Offallwirtschaftskonzept 1992 ausgeschafft huet, an datt d'Deponie Muertendall déi eenzeg hei zu Lëtzebuerg ass, déi zu honnert Prozent sanéiert gouf, während aner Deponien einfach zougedeckt gi sinn.

Duerfir kann d'CSV-Fraktioun där finanzieller Bedeelegung vum Stat um Ausbau an der Moderniséierung vun der Deponie Muertendall, déi an de leschte Jore gemaach gouf a weider och nach gemaach wäert ginn, och nëmme zustëmmen.

Dat gesot, Här President, soen ech Merci fir d'Nolauschteren a gi selbstverständlech dann nach eng Kéier den Accord vun der CSV-Fraktioun.

►►► **Plusieurs voix.**- Très bien!

►►► **Mme le Président.**- Merci, Här Clement. Deen nächste Riedner ass den Här Wagner.

►►► **M. Carlo Wagner (DP).**- Madame Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Offallwirtschaft huet sech an deene leschte Jorzéngten zu engem regelrechte Wirtschaftssecteur entwéckelt. Effektiv a modern Offallwirtschaft leescht, esou paradoxal wéi dat och den éischte Moment ka kléngen, e wichtige Bäitrag zum Émwelt- a Klimaschutz, an d'Potenzialer op dësem Domän sinn och nach laang net ausgeschöpft. Aus enger sougenannten „end-of-pipe“-Wirtschaft nom Motto „Aus den Augen, aus dem Sinn“ ass eng Ressourcëwirtschaft ginn, déi Produktiouns- a Konsumiwwerreschter als Quell fir nei wirtschaftlech Aktivitéiten notzt.

Grad elo an där weltwäiter Wirtschaftskris kann eng effikass an effizient Entsorgungsa Recyclingwirtschaft zu engem wichtige Standuertvirdeel ginn. Grad elo an där Kris ass et wichtig, dass de Stat awer och déi Entreprisen ënnerstëtzt, déi an dësem Beräich investéieren, fir méi staark a méi zukunftsorientéiert aus der Kris erauszekommen.

De globale Bedarf u Ressourcen, och u Sekundärressourcen, also deene Ressourcen, déi een aus dem Recyclingprozess gewënnt, wäert trotz dem momentane konjunkturellen Ofschwong méttel- a laangfristeg klammen. Mat enger nees steigender Nofro wäerte selbstverständlech och d'Präisser dann an d'Luucht goen, och déi vun de Sekundärressourcen. Dës Ressourcen aus dem Offall einfach ewechzegeheien, wäert an Zukunft kee sech méi leeschte kënnen.

Madame Presidentin, dass eis modern Gesellschaft hautdësdays vill - Verschiedener soen, vill ze vill - Dreck produzéiert, ass eng Tatsaach, déi sech och mat deene modernsten a performantesten technesche Mëttele net ewechrationaliséiere léisst.

Dat kann awer net bedeiten, dass mer de Kapp an de Sand musse stiechen oder einfach virun deem Problem kapituléieren. Mir sinn au contraire dozou opgefuerdert, dee Problem konsequent unzegoen. Am Joer 2000 gouf de Plan national de gestion des déchets opgestallt. An deem Plang war virgesinn, dass bis 2005 d'Quantitéit vu produzéiertem Offall pro Awunner ëm 30%, Referenzjoer 1999, sollt reduzéiert ginn. Hei sinn an deene leschte Jore grouss Effortë gemaach ginn. An dës Efforten haten och Succès. Net nëmmen, dass Émfroe méttlerweil weisen, dass d'Populatioun an hirem Offallverhalten dee wichtige perséinleche Bäitrag zum Émweltschutz erkennt, mä d'Ziler vum Plan national de gestion des déchets konnten och gréisstendeels erreecht ginn, zumindest am Beräich vun Haushalts-offall.

Ech wëll dëst mat e puer Zuelen ënnermaueren. Am Joer 1997 goufen op d'Décharge Muertendall ronn 35.000 Tonnen Haushaltsoffall geliwwert. Ech schwätze vun den Déchets ménagers et assimilés. 2007 waren et der nach 26.400, dat heescht e Réckgang vun ëmmerhi 25%. Landeswäit gekuckt ass d'Quantitéit vun Dreck pro Awunner och erofgaangen: vu 461 Kilo am Joer 1997 op 382 Kilo am Joer 2007. Dëst si ganz positiv Zuelen. Mä mir däerfen eis awer net ze vill op dëse Lorbeeren ausraschten. Insgesamt gekuckt klëmmt d'Produktioun vun Offall hei zu Lëtzebuerg. Dëst ass ënner anerem zréckzuféieren op déi staark Wirtschafts- a Bevölkerungsentwécklung aus deene leschte Joren.

Madame Presidentin, mat deem virleienden Text ginn eng Rei vu Projeten an Aarbechten um Site vun der Deponie Muertendall realiséiert respektiv si realiséiert ginn. Ech sinn net an den Detail vun deenen eenzelnen Aarbechten agaangen. Dat huet de Rapporteur schonn ausféierlech gemaach a sengen Explikatiounen, a sengem Fong ass praktesch näischt bäizefügen.

D'Fraktioun vun der Demokratescher Partei begréisst et ausdrécklech, dass mat dësem Projet de loi d'Décharge vum SIGRE op deen kaiste Stand gehuewe gëtt. Nëmmen esou ka se hei an Zukunft e wichtige Bäitrag leeschten, wann et ëm d'Erhalen an de Schutz vun eiser Émwelt geet.

Ofschléissend, Madame Presidentin, wëll ech selbstverständlech dem Rapporteur, dem honorabelen Här Negri, awer och féli-

citéiere fir säin exzellenten an detailléierte méndlechen a schrëftleche Rapport.

Et wäert wuel keen iwwerraschen, dass d'Demokratesch Partei deen heite Projet de loi wäert stëmmen.

Merci.

►►► **Une voix.**- Très bien!

►►► **Mme le Président.**- Merci, Här Wagner. Den nächste Riedner ass den Här Kox.

►►► **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).**- Ech wëll fir d'éischt och dem Rapporteur Merci soe fir säi schrëftleche wéi méndleche Rapport. No deene méi geschichtlechen Ausblécker vun menge Virriedner bleift do u sech net méi vill bäizefügen, wëssend, dass jo eng Rei Polemiken an deene leschte Joren oder Jorzéngten doriwwer gefouert gi sinn.

Ech wënsche mir fir d'Zukunft vläicht eng besser Zesummenaarbecht - oder nach eng besser Zesummenaarbecht - vun deenen dräi Offallsyndikater an hoffen, dass an deem Müllberäich u sech méi proaktiv no vir gekuckt gëtt, well effektiv sinn et wäertvoll Ressourcen, déi op vill Aart a Weise kënnen genotzt ginn, an duerfir sinn ech frou, dass och elo déi Gemengen aus dem Osten dann zu deene Gelder erëm kommen a wierklech eng proaktiv Offallwirtschaft kënnen maachen.

Duerfir bréngen ech den Accord nach eng Kéier vun der grénger Fraktioun eran, an ech soen lech Merci.

►►► **Une voix.**- Très bien!

►►► **Mme le Président.**- Merci, Här Kox. Den nächste Riedner ass den Här Mehlen.

►►► **M. Robert Mehlen (ADR).**- Merci, Madame President. Madame President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wunnen zwar och an deem Streech, mä ech hunn ni an enger Gemeng Verantwortung gedroen,...

(Interruptions diverses)

...fille mech duerfir vläicht e bësse méi fräi, fir hei dat ze soen, wat ech als Member vun der Émweltkommissioun ze soen hunn.

(Interruptions diverses)

Ech hat eng Kéier e bëssen eng offiziell oder inoffiziell Visite do gemaach; dat hat fir Schlagzeile gesuergt; et war och vläicht net esou falsch.

Madame President, de Rapporteur, deem ech och wëll Merci soe fir säi Rapport, huet ugefaange mam Hiwäis op d'Offallgesetz vum 17. Juni 1994. Ech ka mech nach gutt erënneren, wéi mer dat Gesetz hei diskutéiert hunn. Dat, wat mer deemools festgehale hunn, ass och haut nach richtig, och wann dat Gesetz an Tëschenzäit op eenzelne Punkten ofgeännert ginn ass. Et si véier Prinzipien, an zwar an engem gewësenen Ordre de priorité, festgehalen ginn: d'Preventioun, d'Reduktioun, d'Valorisatioun an d'Eliminatioun, woubäi ganz kloer d'Eliminatioun zum Schluss kënn, dat heescht, wann een all dat anert ausgeschloss huet.

Wa mer vu Preventioun schwätzen - do hunn d'Syndikater sécher net schrecklech vill Afloss drop -, da muss ee ganz allgemeng feststellen, dass nach onmoosseg vill muttwëlles Emballagen an der Commercialisatioun gebraucht ginn, wou ee sech heiandsdo freet: Muss dat do da wierklech sinn? Vläch wär et och net verkéiert, emol ze iwwerleeeën, wéi een e bëssen op e méi verstännege Modus bei verschiddene Saachen zréck kéint kommen. Heiansdo ass den Emballage jo dräimol méi wéi dat, wat dran ass. Dat als allgemeng Remarque.

Dann d'Valorisatioun. Do sinn déi lescht Jore vill Efforten ënnerholl ginn. Dat weisen d'Chifferen och, dass mer do virukomm sinn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

D'Valorisatioun fonctionnéiert relativ gutt bei Pabeier, Glas, enger ganzer Partie Kunststoffemballagen. Ech mengen, d'Metaller gi souwiso gréisstendeels och vun anere Leit agesammelt. Och beim Holz ass relativ vill Valorisatioun do. Mä et geet nach enorm vill op den Tipp. An dat ass eppes, wat eis awer grondsätzlech stéiert, wann ee gesäit, dass a mir haten eng Kéier mat deene Responsabele Rieds an enger Réunioun - bal 50% vun deem, wat do ofgetippt gëtt, an dat stellt jo och im Nachhinein e bëssen d'Problematik duer, organesch Offall ass, dee per se net roueg ass. Wann dee bis ofgelagert ass, da fänkt en un ze schaffen, fänkt en un ze gären. Et gëtt Sickerwaasser, et gëtt Gasen an esou weider.

Mir mengen, dass an enger Zäit, wou d'Energiewirtschaft immens wichtig ass, a wann een déi Quantitéiten do gesäit, wann ee sech dat dann nach emol ëmrechent, et

sinn awer wahnsinneg Quantitéiten un organeschem Offall, deen een eigentlech misst kënnen valoriséieren.

Ech héieren elo déi, déi enger anerer Meinung sinn oder d'Schwieregkeete gesinn, soen: „Do ass awer ganz vill Holz oder holzaartegen Offall derbäi. Dee léisst sech net gutt vergären. Da muss een dat erëm sonner trennen.“

Här President, ech kann lech soen, dass ech selwer scho virun enger ganzer Rei Joren a Süddäitschland, an zwar zu Sonthofen, eng grouss Anlag besicht hunn, déi mech eigentlech beandrockt huet vun hirem Konzept hier, well do, zwar mat relativ villem Opwand, awer de ganzen organesch Offall vun de Ménagen agesammelt gëtt, besonnesch an de Summerméint zweemol an der Woch, soss gëtt et gär relativ vill Sténkereie, an et gëtt och alles vergäert.

Dat setzt natierlech virus, dass et virdrun esou verschaff gëtt, dass et duerch d'Vergärungsanlag geet, ouni dass do gréisser Problemer entstinn, mä dat ass haut technesch léisbar. An nodeem dass d'energetesch Ausbeut geschitt ass duerch Biogasanlagen - a si hunn dräi oder véier relativ schwéier Motoren dostoen, déi en permanence dréinen -, dann erfollegt hannendrop d'Entwässerung an duerno e Compostage an enger Anlag, déi ech jiddwerengem - ech weess net, ob se haut nach esou schéin ass wéi deemools - géif recommandéieren eng Kéier besichen ze goen. Si ass ganz agehaust, et richt een näischt, et héiert een näischt. Et ass wierklech eng ganz flott Saach, an, wéi gesot, den Advantage ass, dass de Maximum energetesch ausgenutzt gëtt iwwert d'Vergärung.

Dobäi entsteet eng Reduktioun vun der Trockenmass ëm ronn 30%, wat jo och schonn net onwesentlech ass, an et kënn hannendrun en exzellente Kompost eraus. Selbstverständlech huet een ëmmer Vermeschungen, mä si hunn et ganz elegant geléist, dass dat scho kontrolléiert gëtt, dass näischt mat erageet, wat net dora gehéiert.

Um Tipp zu Fluessweller ass vill investéiert ginn, dat huet och misse geschéien im Nachhinein. Ech mengen, mir sinn domat d'accord, dass een dat, wat virdrun do ofgelagert war, erëm ëmgelagert huet, an dass een dat Ganzt ofgedicht huet, dass een och d'Sickerwaasser opfänkt, dass dat gereegelt gëtt. Ech mengen, dat kann ee jo alles net réckgängig maachen. Et ware jo och aner Zäiten.

Mä mir müssen no vir kucken, a wa mer dann dat Ganzt nom Prinzip vun der Nohaltegkeet kucken - wann ech mech gutt erënneren, Här Minister, hutt Der elo ganz rezent eng ganz Partie, eng Onmass, an zwar esou vill Theesen a Parametere an d'Welt gesat, dass ee bal dronke gëtt -, wann een hei d'Prinzipië vun der Nohaltegkeet korrekt géif applizéieren, da géif ech awer woen ze behaupten, dass mer misste kucken, aus där Logik vum Deponéieren an Zoudecken erauszekommen. An ech sinn iwwerzeegt, dass et haut awer Technique gëtt, déi eis dat géifen erlaben. Wann et déi Technique gëtt, da misste mer et maachen. Da kënn et net sinn, dass de Lëtzebuerger Stat nach Geld zur Verfügung stellt, fir da weider esou virunzufueren.

De Recyclage, hunn ech gesot, funktionéiert - do, wou en organiséiert ass - relativ gutt beim Glas, beim Pabeier, wéi gesot och beim Holz, wann een och gesäit, wéi eenzel Betriber, déi sech dora spezialiséiert hunn, haut awer enorm Quantitéiten Holz recycéléieren, déi dann och an d'energetesch Verwäertung ginn.

Den Hauptproblem bleift d'Organik, déi misste mer erauskreien, an da bleiwen d'Kunststoffer nach. Dat ass awer eppes, wat mer net gefält, well vun de Leit erwaart gëtt, dass se awer relativ intelligent eng Trennung maachen, woubäi d'Leit heiandsdo iwwerfuerdert sinn.

Woufir gi mer net op de Wee, dass mer probéieren, d'Kunststoffer alleguer zesummenzehuelen an dann en Triage hannendrun duerch Maschinen oder duerch Leit oder wéi och ëmmer maachen ze loosse, do, wou wierklech Spezialisten um Wierk sinn?

Menger Meinung no kënn een dann op e Wee kommen - herno ass een ëmmer frou, wann een eng Décharge huet fir Saachen, wou ee wierklech net anescht kann -, wou een awer wierklech op den absolute Minimum reduzéiert kritt. An da wäre mer absolut an der Logik vun eisem Gesetz vun 1994.

Dat gesot, Här President, doen ech mech éierlech gesot e bësse schwéier, fir ze soen: „Mir hëllefen dat do matfinanzéieren.“ Vu dass den Oste mer awer un d'Häerz gewuess ass a sech bis do vill geplot ginn ass, ginn ech da mäin Accord dozou. Mä ech géif dem Här Minister awer wärmstens recommandéieren, wann en dann - wat ech

Mardi,
28 avril 2009

net hoffen - nom 7. Juni nach eng Kéier déi schwéier Charge do muss op seng Schëlleren huelen - mir wënschen em jo all Guts -, dass, wann en dann awer misst, wann et dann awer de Wonsch vum Wieler wär, dass en déi schwéier Charge do nach fënnef Joer sollt virundroen, e sech dann e bësse géif beméien, dass mer aus der Deponieslogik géifen erauskommen.

Ech soen lech Merci.

►►► **Une voix.**- Très bien!

►►► **M. le Président.**- Merci, Här Mehlen. Här Minister Lux, Dir hutt d'Wuert.

►►► **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, ech kann et ganz kuerz de Mëtteg maachen, fir engersäits alle Riedner Merci ze soe fir deen Apport, dee se an dëser Diskussioun bruecht hunn, souwuel wat de Fong ubelaangt wéi och den Historique. Et ass mer eréischt bewosst ginn, wéi vill Vergaangenheetsbewältigung hei an deem Dossier dran ass. A munches war sécherlech net ganz einfach an deene leschte Joren.

Dofir wëilt ech mech deene Wiederuschléissen, déi de Président-rapporteur, eise Kolleeg Roger Negri, hat, fir engersäits ze soen, dass et - wéi huet e gesot, ganz diplomatesch? - „étoufféiert Tracen“ gëtt, déi drop hiweisen, dass de Stat, dass déi jee-weileg Regierungen an deene leschte Joren ëmmer wëlles haten, fir e staatlechen Apport zu deenen Investitiounen ze ginn. An ech mengen, mir konnten an den Archiver vun der Émweltverwaltung genuch där Tracé fannen, Rapporten, PVe vu Kommissiounssätzungen, Bréiwer an esou virun, déi gewisen hunn, dass de Stat säin Undeel ëmmer wollt honoréieren. An dass mer dat haut maachen, mengen ech, ass och eng gutt Saach.

Déi zweet Bemierkung ass, dass et mir grad wéi him um Häerz läit, fir all deene Responsabelen aus deene leschte Joren, deene vun haut an deene vu gëschter a vu virgëschter, um Niveau vum SIGRE Merci ze soe fir hiren Asaz, dee se all déi Joren hatten. An ech wëilt an dee Merci awer och ganz ausdrécklech déi Responsabel vun der Émweltverwaltung mat aschléissen, déi sécherlech ganz entscheidend dozou bäigedroen hunn, dass mer haut kënnen feststellen, all Riedner, dass d'Offallpolitik vun deene leschte Joren eng erfollegräich Politik war, dass d'Resultater och deementsprechend sinn, an dass sech der ganz vill aus den Nopeschlänner heihinner ukucke komm sinn, wat mer an deene leschte Joren an deene successive Regierunge gemaach hunn. An ech mengen, dass ass och deene Responsabele vun der Émweltverwaltung ze verdanken, déi ëmmer gepusht hunn, dass mer, wa mer ee Schrëtt ofgeschloss hunn, deen nächste schonn erëm attackéiert hunn.

A wann e puer Riedner hei geschwat hu vun der energetescher Notzung, zum Beispill, vun de Gasen, da muss ech soen, dat si jo Investitiounen, déi mer op ville Plazen, ech erënneren un de Minetekompost, erënneren un d'SIDOR, attackéiert hunn. Op ville Plazen, mengen ech, hu mer dee Step do jo schonn attackéiert an deene leschte Joren duerch Investitiounen.

An ech mengen, dass de Kolleeg Mehlen Recht huet, fir ze soen, dass do een neie Sprong ze maachen ass, ee qualitative Sprong ze maachen ass. En Donneschdeg de Moien an der Kommissioun erhoffen ech mer, dass sécherlech dat Buch, wat wierklech grouss geroden ass, mä, mengen ech, wou vill Wichteges drasteet a wou och en Ausbléck gemaach gëtt, wéi mer aus där „success story“ vun deene leschte Jore kënnen austrieden a kënnen derfir suergen, dass mer weiderkommen.

Ech denken och, dass ee vun de wesentleche Punkten dee wäert sinn, wéi mer et fäerdeg bréngen, déi dräi Syndikater dozou ze kréien, fir wierklech méi wéi jee nach un engem Dësch ze setzen an ze kucken, sech complémentaire ze hëllefen, wéi mer et fäerdeg bréngen, fir dee Wee vun der Reduktioun, vun der Valorisatioun, vun de Recyclagemoosnamen, vun de getrennte Sammlungen, déi mer an deenen eenzelnen Uertschafte maachen, wéi mer déi ganz Po-

litik weiderkréien; a wéi mer dann och nach vläicht zwou Saache kënnen fäerdeg bréngen, déi eng um europäesche Plang, fir derfir ze suergen, dass mer à la source et fäerdeg bréngen, Offäll ze vermeiden - ech mengen, dat wär déi wichtegst, mä do ass de communautairë Kader och gefuerdert, fir dat fäerdeg ze bréngen -, a wéi mer zweetens an enger Etüd, déi mer viru kuerzem gemaach hunn, dee sougenannten „littering“, wéi mer et fäerdeg bréngen och derfir ze suergen, dass all deen Offall ofhëlt, dee sech leider Gottes ëmmer méi besonnesch do, wou dann an de Gemengen och Taxe-systemer ausgeschafft gi sinn, déi de Verur-saacherprinzip mat beinhalten, wéi et jo richtegerweis am Esprit an och an dem Buschtaf vum Gesetz virgesinn ass, dass mer op eise Stroosseränner ëmmer méi Problemer hunn. Ech mengen, och dat do ass eng Aufgab, déi mer ze attackéieren hunn. An ech mengen, mir hunn do scho Partne-ren am A, mat deene mer op deem Niveau och eppes kënnen schaffen.

Ech wollt domadder schléisse fir de Responsabele vum SIGRE Merci ze soen, dem aktuelle President, dem Här Lamy, deen eis viru kuerzem eng ganz interessant Visite ge-maach huet, wou mer konnte feststellen, dass gutt geschafft gëtt, dass gutt geschafft ginn ass an dass sécherlech och an Zukunft de SIGRE wéi all déi aner Syndikater ze-summe mam Stat hir Aarbecht gutt wäerte maachen.

Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Minister. Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Quorum ass erreecht. Vote par procura-tion.

De Vote ass elo ofgeschloss.

De Projet de loi 5933 ass eestëmmeg uge-holl mat 57 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fa-bienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par M. Marcel Oberweis), Norbert Hauptert (par M. Lucien Thiel), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par Mme Martine Stein-Mer-gen), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sun-nen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Ly-die Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Roger Negri), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Xavier Bettel), Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Fer-nand Etgen), Claude Meisch (par M. Eu-gène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz (par M. Henri Kox) et Henri Kox;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum leschte Projet vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg. Dat ass d'Direktiv iwwert d'Sanktiounen am Beräich vum Import an Export vu geféierleche chemesche Gidder. D'Wuert huet hei och de Rapporteur, den honorabelen Här Negri.



10. 5957 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (CE) N°689/2008 du Parlement européen et du Conseil du 17 juin 2008 concernant les exportations et importations de produits chimiques dangereux

Rapport de la Commission de l'Environnement

» **M. Roger Negri** (LSAP), *rapporteur*.- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, d'Gesetz vun haut setzt déi sou-genannte Konventioun vu Rotterdam ëm iwert d'Prozeduren, déi ze respektéiere sinn am internationalen Handel, wat verschidde chemesch Produkter a geféierlech Pestizi-den ugeet.

Hei gëllt de Prinzip, dass dës Produiten nëmme vun engem Land an dat anert trans-portéiert dierfe ginn, wann dat Land, wat esou Stoffer ophëlt, och virdrun informéiert gouf a seng ausdrécklech Genehmegung dozou ginn huet.

Domat gëtt dat europäescht Reglement 689 vun 2008, vum 17. Juni 2008 also, iwwert den Import an den Export vu geféierleche chemesche Stoffer a Lëtzebuerger Recht ëmgësat. D'Konventioun vu Rotterdam gouf, wéi gesot, den 11. September 1998 ënnerschriwwen a baséiert um PIC-Prinzip („prior informed consent“), oder CIP (consentement informé préalable).

De fundamentale Prinzip ass déi vorhereg Genehmegung, wou all d'Wëssen iwwert d'Geféierlechkeet vu chemesche Stoffer an aller Transparenz iwwermëttelt gi muss.

D'CIP-Prozedur gesäit genau Dispositione vir, wéi d'Informatiounen weidergeleet musse ginn am Intérêt vun der Gesondheet vum Mënsch an der Ëmwelt.

D'Konventioun applizéiert sech op déi ver-buede chemesch Produkter an op extrem geféierlech Pestiziden, also Schädlings-bekämpfungsmëttel, am Agrarberäich. De Moment ënnerleie méi wéi 30 chemesch Produkter der CIP-Prozedur.

Verschidde Produiten ënnerleien allerdéngs net der CIP-Prozedur. Dat sinn: 1. Betäu-bungsmëttel an Psychotropen, 2. radioaktiv Materialien, 3. Offäll, 4. pharmazeutesch Produiten, 5. chemesch Waffen, 6. che-mesch Produiten, déi als Additiven an der Alimentatioun agesat ginn, 7. Ernährungs-mëttel an 8. Produiten, déi a ganz klenge Quantitéiten an der Recherche oder fir de perséinleche Gebrauch gebraucht ginn.

Här President, no der Konventioun vu Rot-terdam muss all Land seng responsabel kompetent Autoritéit bestëmmen. Zu Lëtze-buerg ass dat den Ëmweltminister, deen of-fizielle Korrespondent fir d'Ëmsetze vun der Konventioun vu Rotterdam gëtt fir d'Notifi-catioun vu geféierleche chemesche Produk-tur.

D'Konventioun vu Rotterdam setzt och eng international Konferenz an, fir d'Koordina-tioun ënnert de Länner ze assuréieren. Do-drënner fonctionnéiert e Comité d'études, fir d'Analys an d'Evaluatioun vun de respektive chemesche Produkter ze maachen.

En internationaalt Sekretariat assuréiert d'Koordinatioun an déi administrativ Tâ-chen. D'Länner informéieren d'internatio-naalt Sekretariat iwwer all reglementaresch Mesuren, déi se op hirem Territoire geholl hu fir déi verschidde chemesch Stoffer respek-tiv Pestiziden.

Fir extrem geféierlech Pestizide besti spe-zial Dispositionen. Hei gëtt virun allem de reduzéierte Moyerë vun den Entwécklungs-a Schwellelänner Rechnung gedroen, déi d'Hëllef an d'Wësse vun den industriali-séierte Länner an Usproch huele kënnen, fir e chemescht Produkt op déi respektiv Lëscht ze kréien. De Comité mécht duerno eng Recommandatioun, an d'Konferenz vun de Länner hält dann eng definitiv Décisioun. Et kann och decidéiert ginn, dass e Produit erëm vun der Lëscht erofgeholl gëtt.

All Land muss duerno preziséieren, ob et säin Accord gëtt oder net, fir dass dat res-pektiivt chemescht Produkt op säin Territoire däerf importéiert ginn. Hei kënnen och Res-triktione vun de Länner verlaangt ginn. Des Weidere kann e Land an enger Ufanksphas och just nëmmen eng provisoresch Import-genehmegung ginn.

All Land, wat e geféierlecht chemescht Pro-dukt exportéiert, muss selbstverständlech d'Décisiounen an d'Konditiounen vun dem Importland respektéieren. Den Export vun

engem chemesche Produkt an e Land, wat keng oder nëmmen eng provisoresch Änt-wert fir dat Produkt ginn huet, ass verbue-den. All exportéiert chemescht Produkt vun der Rotterdamer Konventionslëscht muss dem jeeweilege Land eng Notification d'ex-portation schécken, an dat Land, an dat dëst chemescht Produkt importéiert gouf, muss en Accusé de réception dovunner erëm zrückschécken.

Et geet am Endeffekt dorëm, fir fir den Échange vu Renseignement ënnert de Länner ze suergen, souwuel um wëssen-schaftlechen, techneschen, ökonomeschen a juristesche Plang, déi der Rotterdamer Konventioun fir geféierlech chemesch Stof-fer ënnerleien.

Här President, d'europäescht Reglement 689/2008 ëmfaasst, op Basis vun der Kon-ventioun vu Rotterdam, folgend Grondprin-zipien a geet awer och doriwwer eraus, wou d'Hauptpunkte folgend sinn:

Éischtens, allgemeng gëllen d'Regele fir all Pestiziden a chemesch Stoffer am indus-trielle Beräich, nom Prinzip vum Recht op d'Exportatioun, eréischt nodeems eng Ge-nehmegung vum Importland do ass. Zweetens, iwwert d'Rotterdamer Konventioun eraus gëllt an der Europäescher Unioun d'Applicatioun och bei Stoffer, déi am Ver-dacht stinn, sech an d'Loft ze dégageieren, en fonction vun hirem Uwendungsberäich. Esou Stoffer däerfen op kee Fall exportéiert ginn.

Drëttens, d'Notification d'exportation gëllt fir all Länner vun der Drëtter Welt, ob dës d'Rotterdamer Konventioun ënnerschiw-wen hunn oder net. Dëst ass ganz wichteg, well an dësem Domän déi gréissten Abusé geschitt sinn. Duerfir ginn hei och ganz de-tailléiert Informatiounen iwwert déi entspie-chechend Liewensdauer bei adequater Hand-habung gefuerdert. Véiertens, d'eu-ropäesch Communautéit ass gehale fir d'ganz EU ze decidéieren, wat fir chemesch Stoffer der Rotterdamer Konventioun ënner-leie mussen.

Fënneftens, d'europäesch Memberstaten an d'Exportateure mussen iwwert d'Déci-siounen vun den Importlänner informéiert ginn, an d'Exportlänner mussen dës Déc-i-siounen och selbstverständlech respektéi-eren. Sechstens, d'Europäesch Kommis-sioun féiert eng entspiechend Datebank fir d'Applicatioun innerhalb vun den EU-Sta-ten.

Siwentens, d'EU-Memberstate chargéieren d'Kontrollautoritéiten, notamment d'Dou-anesautoritéiten, déi verschidde chemesch Stoffer op Basis vun engem spezielle Code-system ze kontrolléieren, deen an der Dé-clARATION d'exportation direkt op d'Konformi-téit oder net schléisse léisst. A leschtens, aachtens, d'europäescht Reglement huet domat als Zil, d'Responsabilitéite souwéi d'Kooperatioun an déi géigesäiteg Hëllef ënnert den EU-Länner ze encouragéieren.

Här President, zu Lëtzebueg ass, wéi ge-sot, den Ëmweltminister d'Autorité natio-nale, deen zoustänneg ass fir d'Ëmsetze vun der Konventioun vu Rotterdam. Mat abezu ginn d'Kompetenze vun den Aar-bechts-, Gesondheets-, Agrar- a Finanzmi-nistären.

Genau wéi beim REACH-Registrierungs-gesetz iwwert déi normal chemesch Stoffer, dat mer hei an der Chamber virun engem Mount, de 17. Mäerz 2009, gestëmmt hunn, sinn niewent de Fonctionnaire vum der Douane an der Ëmweltverwaltung och d'Membere vun der Police grand-ducale verstärkt mat abezunn, fir Kontrolle sur place ze maachen an do déi néideg Mesu-ren ze huelen. Genau och wéi bei REACH kréien déi agréiert Ëmweltorganisatiounen Klorecht viru Geriicht.

Här President, mat folgenden dräi rezente legislativen Dokumenter - an zwar éischstens mam Projet de loi 5957 vun haut, wat den Import/Export vu geféierleche chemesche Stoffer a Pestizide reglementéiert, zweetens mat dem entspiechende Règlement grand-ducal 5969, deen den Accord vun der Conférence des Présidents vun der Cham-ber den 19. Mäerz 2009 kritt huet, an drët-tens, zu gudder Lescht, mat dem REACH-Projet de loi 5819 vum 17. Mäerz 2009 iw-ert d'Registrierung, d'Evaluatioun an d'Autorisatioun vun 30.000 chemesche Stoffer innerhalb vun der Europäescher Unioun -, mat dësen dräi legislativen Texter also huet Lëtzebueg am Beräich vun der Erfaassung vu geféierleche chemesche Stoffer seng legislativ Aarbecht gemaach, wéi se bis elo vu Bréissel gefuerdert ass.

Domat sinn d'Virussetzunge geschaf, dass um Terrain keng Gefore fir d'Gesondheet vum Mënsch an der Ëmwelt entstinn, an déi gëllt et och elo vun allen Acteuren ze res-pektéieren.

Zum Schluss wëll ech nach eng Kéier drop hiweisen, dass mat dësem Projet de loi 5957 vun haut sämtlech EU-Direktiven am Ëmweltberäich, déi bis zum Enn vun dëser Legislaturperiod ëmzesetze si vun der Chamber, a Lëtzebuerger Recht transpo-séiert gi sinn. Och wann ëmmer beklot gëtt, dass Lëtzebueg allgemeng hannendran ass mat der Ëmsetzung vun EU-Direktiven, esou ass dat net de Fall am Ëmweltberäich. Heifir nach eng Kéier e Merci un eisen Ëmweltminister Lucien Lux a seng Mataarbech-ter, un all d'Membere vun der Ëmweltkom-missioun an un de Statsrot.

Domat ginn ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Negri. Den honorabelen Här Oberweis huet d'Wuert gefrot.

Discussion générale

» **M. Marcel Oberweis** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, erlaabt mer am Ufank wéi ëmmer dem honorabelen Här Roger Negri Merci ze soe fir dee flotte mëndlechen an och de schrëfteleche Rapport, dee mer virgeluecht kritt hunn.

Wéi gesot, et handelt sech heibäi ëm e Ge-setzesprojet, ëm eng weider Direktivëmset-zung, déi awer dës Kéier vun dem Eu-ropäesche Parlament an dem Europäesche Conseil iwwert den Import an den Export vu geféierleche Chemikalien ausgeschafft ginn ass.

Dës Direktiv berout op e puer Elementer, vun deenen ech der awer nëmmen zwee wëll hei erauspicken. Schonn 2003 hunn d'Europäescht Parlament an den Eu-ropäesche Conseil de Rotterdamer Kom-promëss iwwert den Export an den Import vu bestëmmte geféierleche Chemikalien an d'Liewe geruff.

Awer den Europäesche Gerichtshaff huet a sengem Urteel vum 10. Januar 2006 d'Di-rektiv 304 aus dem Joer 2003 fir net zouläs-seg erkläert, well déi nëmmen den Artikel 175 aus dem Europäeschen Traité zrëckbe-halen huet. Dat héicht Geriicht wollt laang, dass och den Artikel 135 aus dem Europä-eschen Traité zur Applicatioun sollt kom-men. D'Geriicht huet dunn awer zrëckbe-halen, dass déi deemoleg Direktiv esou laang applizéiert däerft ginn, bis eng nei géif vir-leien.

Déi eenzel Memberstate mussen all Me-suren ergräifen, déi déi mënschlech Ge-sondheet an d'Ëmwelt streng protegéieren. Virun allem mussen all déi Chemikalien, déi Kriibs erviruffen, d'Ierfgutt beschiedegen oder d'Fertilitéit reduzéieren, vum Maart ge-holl ginn. Dat sinn déi sougenannten CMR-Kritären, woubäi den C fir Carcinogen, den M fir Mutagen an den R fir Reproduktions-toxitéit steet.

Notamment beim Export vu geféierleche Chemikalien, déi selwer an der Europä-escher Unioun verbuede sinn oder fir déi streng Oplage gëllen, muss méi streng re-glementéiert ginn. All dës geféierlech Che-mikalien, déi an der Europäescher Unioun als Planzeschutzmëttel oder Pestiziden oder Industriechemikalië verbuede sinn, sollen och net méi an den Export kommen. D'Europäesch Unioun wëllt hei eng Virrei-derroll iwwerhuelen.

Wann awer Länner déi Chemikalien asetze wëllen an domat hir Matbirger an hir Ëm-welt belaauchten, da muss eng Notifikatioun ausgestallt ginn, déi eben op déi Geforen opmierksam mécht. Op alle Fall gëtt ver-laangt, dass den Exporteur an och den Im-porteur all Informatiounen iwwert d'Menge vun dëse gehandelte Produkter matdeele muss. Well nëmmen esou kann ee sécher-stellen, dass déi méiglech Auswierkunge kontrolléiert kënnen ginn.

D'Direktiv geet nach weider, well si ver-laangt, dass déi Chemikalien, déi an der Unioun scho verbuede sinn, nëmmen dann an e Land exportéiert dierfe ginn, wann och do d'Zoustëmmung virläit. Fir d'Länner vun der OCDE kënnen dann ënner bestëmmte Bedéngungen Ausnahmeregeler gëllen. Mä wéi seet e Spréchwuert schonn: Vertrauen ass gutt, awer d'Kontroll ass besser. Duerfir kann et a muss et zu regelméisseye Kon-trolle kommen.

Fir net egal wat iwwert d'Grenze vun der Eu-ropäescher Unioun ze exportéieren, mus-sen all d'Chemikalien e Stempel mat der Haltbarkeetsdauer kréien, notamment déi, déi mir an d'Entwécklungslänner exportéie-ren. Et ass duerfir wichteg, dass et zu en-gem enken, konkreten Informatiounsau-s-tausch an enger gemeinsamer Responsabi-litéit kënnt. Virun allem sollt alles an d'Wee geleet ginn, dass an den Entwécklungslän-ner déi néideg Struktur geschafe ginn, fir dass och bei hinnen, wann duer dann ebe